SICHHENN.LU
MËNSCH & DÉIER

Hesperange, den 25.08.2025

# PRESSE COMMUNIQUE

**Service réduit wéinst Iwwerlaaschtung a Manktem u politescher Ënnerstëtzung**

De Veräin Sichhënn.lu schränkt säin Service bis op Weideres opgrond vun der héier Nofro, déi de Veräin ouni extern Ënnerstëtzung net méi bewältege kann, an. Trotz sëllege Gespréicher an Appellen un déi national Politik, krute mir bis ewell leider keng Ënnerstëtzung a goufe just “weidergereecht” a vertréischt.

Säit Dezember 2023 hu mir eis mat diverse VertriederInnen aus der Politik getraff, konkret Virschléi gemaach a widderhuelt op eis ugespaante Situatioun higewisen. Leider huet sech säitdeem näischt säitens der Politik gedoe, mee d’Nofro fir eise Service ass weiderhin enorm geklommen.

Fir eng verlässlech Berodung a Betreiung net nëmme bei eise besteeënde Fäll, mee och fir zukünfteg nei Fäll kënnen ze garantéieren, wäert de Veräin bis op Weideres just nach eng gewëssen Unzuel u Fäll unhuelen an des no kloer definéierte Kritären, wéi Drénglechkeet, ophuelen. Dëst soll eis opmannst d’Méiglechkeet ginn eng héich qualitativ Aarbecht kënne ze bidden.

Et ass ee fataalt Signal, wann de Benevolat systematesch ausgenotzt an iwwerfuerdert gëtt, wärend vu säitens de Verantwortlechen näischt geschitt. Mir betreien aktuell bis zu 10 Fäll an der Woch, dat bedeit pro Benevollen am Schnëtt 18 bis 22 Aarbechtsstonnen an der Woch fir de Veräin - zousätzlech zu Beruff a Privatliewen. Dat ass op Dauer net tragbar an eis Benevolle sinn un hire Limitten.

De Veräin appelléiert op en neits déi Verantwortlech aus Politik a Verwaltungen, d’Bedeitung vun eiser geleeschtener Aarbecht an de leschten 9 Joer unzeerkennen a gemeinsam Léisungen ze entwéckelen. Ouni des Ënnerstëtzung wäert et an Zukunft net méi méiglech sinn de Bedarf zu Lëtzebuerg ofzedecken.

Adresse postale:
5, montée du château
L-5816 Hesperange

+352 28 99 73 79

www.sichhenn.lu

info@sichhenn.lu

LU34 0019 5155 7362 5000 / BCEELULL

@Sichhenn.lu

## Wie si mir?

D'Sichhënn.lu asbl gouf 2017 mam But gegrënnt vermësste Persounen an Déieren ze sichen, an am Fall vu vermëssten Déieren dës och ze sécheren. Seng Memberen an hir Hënn sinn am Beräich Persounen- an Déieresich, dem sougenannte Mantrailing a Pettrailing, ausgebilt.

Duerch jorelaang Erfarung, Ausbildung a reegelméissege Fortbildungen huet sech de Veräin an der Sich a Sécherung vu vermëssten Hausdéiere spezialiséiert. Mat Hëllef vun privaten Done kann de Veräin op e Minimum vu professionellem Equipement zeréckgräife fir eng adäquat an ëmfangräich Hëllef ubidden ze kënnen.

Dësen Service gëtt mëttlerweil och vum Noutruff vun der Police (113), verschidde Policebüroen an d'Déierenasyler de betraffene Persoune recommandéiert.

De Veräin bitt follgend Servicer un:

- Déieresich a -sécherung:
  - Berodung a Betreiung per Telefon an / oder op der Plaz
  - Pettrailing: d'Sich no engem vermëssten Déier unhand vu sengem Individualgeroch
  - Asaz vun Thermalkamera an Dron mat Thermalkamera
  - Installatioun vun eisem Equipement fir Déieresécherung (Live-Kameraen, Liewendfalen, asw.)

- Präventioun:
  - Virtrag: Déier vermësst! Wat elo?
  - Verkaf vum „Sichhënn.lu Gerochsécherungs-Set" fir d'Konservéierung vum Individualgeroch
  - Berodung beim Kaf vun engem GPS Tracker

---

Fir all weider Froen zéckt net mech ze kontaktéieren um +352 691 535 248 oder mir e Message op den info@sichhenn.lu ze schécken.

Mat beschte Gréiss,
am Numm vum Comité vu Sichhënn.lu

Tanja Forette
Presidentin